

Op de Spure vu Melusina & Co duerch d'Stad

A klenge Gruppe maache mir eis op en Tour duerch d'Stad an d'Alstad an entdecken zesummen e puer interessant a mystesch Plazen: de Bockfiels, d'Quirinskappell, d'Däiwelslach, de Fëschtmaart ...

Bei flotten, klengen Aktivitéite gi mir da gewuer, wat dës Plaze mam Melusina, de Wichtelcher, engem Geescht a souguer dem Däiwel ze dinn hunn.


(Dauer vum Ralley: +/- 2,5 Stonnen)

No dëser klenger Ustrengung waart dann e **Mëttegiessen** op eis.

Nomëttes geet eise Programm ronderëm d'„Melusina & Co“ weider: mat e puer flotte Spiller an ...

Mir kucken eis zesummen de lëtzebuergesche Kannerfilm vum Laura Schroeder un: „**D'Schatzritter an d'Geheimnis vum Melusina**“ (2012)

De Jeff a säi Papp hunn e Camping, deen net wäit vun enger aler Buerg ewech ass. All Joer an der Sommervakanz ass dem Jeff seng Freed ganz grouss. Well da komme seng beschte Frënn, d'Julia an de Leo, mat hiren Elteren dohi campéieren. Grad dëst Joer soll déi al Buerg un dee mysteriéisen Duc de Barry verkaf ginn. Dobäi kënnt och nach, dass déi dräi an eng spannend Adventure ronderëm d'Melusina an déi geheimnisvoll Legend ronderëm dës wonnerschëin Nix verweckelt ginn... a si musse sech op de Wee machen, fir e vermësste Schatz ze fannen. E grousst Vakanz-Abenteuer fänkt un. Eng Course géint d'Zäit. A wäerte si et färdegrëngen, d'Melusina vu hirem Fluch ze befreien? (Dauer: 93 Minuten)

 **Danielle Mertes, Ninette Terzer, Michèle Waringo-Geimer** (Aarbechtsgrupp „Kannerbicher“ vun der ErwuesseBildung) a **Barbara Schu** (ErwuesseBildung)



Coursnummer: 194370M

 **En Dënschdeg, den 13. August 2019 vun 10.00 bis 17.00 Auer**

 In der ErwuesseBildung, 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 Luxembourg (Eingang G)

 Cycle 3 + 4

 lëtzebuergesch

€ 50 € fir d'éischt Kand.
Fir all Geschwësterkand: 45 €
(inkl. Mëttegiessen a Gedränk)

 Fir min. 10 / max. 20 Kanner

✓ **Kleedung:** dem Wieder no (Sonneschutz, eppes géint de Reen asw.) a bequem Schong

✓ **Umeldung:** Tel. 4 47 43-340, info@ewb.lu bis de 15. Juli 2019. Gitt w.e.g. d'Coursnummer 194370M an den Alter vum Kand un.

 barbara.schu@ewb.lu